Cruchten de Mëtten hei, datt mer Donnéeë brauchen, un deene mer eis kënnen orientéieren, well ouni Donnéeën hu mer eigentlech just Meenungen, Erfarungen. An datt déi awer liicht biaiséiert kéinte sinn an net onbedéngt zu deene beschte Solutiounen herno kéinte féieren, läit op der Hand.

Bis elo huet den Observatoire, mengen ech, schonn eng wäertvoll Aarbecht gemaach, och ouni dës gesetzlech Basis. En huet awer ganz dacks op annoncéiert Präisser zeréckgegraff, wann e Statistike gemaach huet iwwert d'Entwécklung vu Loyeren, iwwert d'Entwécklung vu Baupräisser. An an deem Sënn, mengen ech, ass et haut méi wichteg wéi jee, eigentlech och Accès zu aneren Donnéeën, zu anere Statistiken ze hunn, déi och an anere Verwaltunge leien, fir déi mateneen ze kräizen an dann och wierklech op Basis vu reelle Präisser a reelle Fakte kënnen déi Analysen ze maachen, déi dann de politeschen Debat och onbiaséiert kënnen alimentéieren.

Natierlech ass et net eleng d'Zilsetzung, Donnéeë beieneenzebréngen. An der Educatioun gëtt et e Sprachwuert, dat seet: „Vom Wiegen wird die Sau nicht fett."

*(Hilarité)*

An hei musse mer e bëssen dat selwecht kucken, datt mer natierlech moossen, kucken, Donnéeën ...

*(Interruption par M. Meris Sehovic et hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister, loosst Iech elo net provozéieren. Sou, wannechgelift!

**M. Claude Meisch,** Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | Ech soen elo näischt, Här Sehovic. Ech soen Iech et duerno.

*(Hilarité)*

Et ass wichteg ze kucken, ze moossen, Donnéeë beieneenzebréngen, mee awer och déi néideg Konklusiounen dorauser ze zéien. An ech denken, datt d'Qualitéit, an dat huet eigentlech jiddereen de Mëtten ënnerstrach, vun der politescher Debatt, vun der gesellschaftlecher Debatt, och heiansdo der gesellschaftlecher Ausernanersetzung, well dat ass och ugeklongen hei bei deem engen oder anere Riedner ... Jo, et geet och ëm gesellschaftlech Ausernanersetzungen. Et geet ëm Proprietéitsverhältnisser. Et geet drëms, ob mer déi gutt fannen oder manner gutt fannen. Et geet drëms, ob mer déi sech esou politesch wëlle weiderentwéckele loossen oder ob mer wëllen dergéintsteieren. Jo, dorëms geet et. Mee d'Qualitéit vun der Debatt kann eigentlech nëmme gewannen, wa mer eng besser Base de données hunn.

Mir hunn och, mengen ech, mam Logementsmarché e Marché, dee jo net fräi ass, well ganz vill politesch Decisiounen, administrativ Decisiounen decidéiere jo, wéini, wou an a wat fir enger Quantitéit gebaut gëtt. Well wann eng Gemeng net seet: „Dat doten ass Bauland", dann ass et kee Bauland. Da kann e Proprietär sech op d'Kopp stellen, da gëtt et et och net. Also, mengen ech, musse mer schonn och kucken, wéi mer dee Marché do weider encadréieren.

An ech denken och, datt hei den Observatoire de l'habitat eis déi Orientatioun ka ginn, wat fir en Encadrement vun deene Marchéë mir do brauchen. A wann ech soe „Marchéen", dann ass dat sécherlech de Marché vun der Vente vun Terrainen, vun der Vente vu Wunnengen, mee awer sécherlech och de Locatiounsmarché.

Et ass Iech, mengen ech, an deene leschte Méint, wou mer eis ëmmer nees, och op Basis vu Rapporte vum Observatoire de l'habitat, an der Logementskommissioun an der Chamber driwwer ënnerhalen hunn, wat dann dee beschten Encadrement wär, dee mer dem Loyersmarché kéinte ginn, net entgaangen, datt ech eng gewësse Sympathie hu fir déi Propos vun der LSAP, e Mietkadaster opzestellen, aus zwou Iwwerleeungen.

Éischtens emol ass et eng objektiv Basis, wou all Acteur sech kann drun orientéieren, e Proprietär, e Locataire, awer och mir als politesch Decideuren eis kënnen drun orientéieren, wéi wou dann de Loyer wierklech an der Realitéit ass. A mir wëssen, datt dat awer nach ëmmer eppes aneres ass wéi dat, wat mer vläicht dann op Internetsitte gesinn, wat wou gefrot gëtt, well dat, wat ënnerschriwwen ass, kéint jo awer och emol aneschters sinn. Mir hu selwer an den Analyse vum Observatoire gesinn, datt et e groussen Ënnerscheed mécht, wéi al eng Wunneng ass, awer och wéi laang se scho bewunnt ass vun där selwechter Persoun. Fir déi selwecht Wunneng kann och dat schonn e groussen Ënnerscheed maachen. An ech denken, datt dat e wichtegen Input ass, dee mer brauchen, fir och e richtegen Encadrement vum Loyersmarché ze kréien.

Mat dësem Gesetz hei, mengen ech, gi mer eis awer och eréischt d'Basis, fir wierklech en zolidd Fundament och fir esou e Mietkadaster kënnen ze hunn, well mir hunn d'leschte Kéier, soe mer emol, en Embryo vun engem Mietkadaster proposéiert kritt, op Basis vun enger Enquête vu Bréiwer, déi beäntwert goufen oder och net beäntwert goufe vu Proprietären a vu Locatairen, wou scho ganz vill drastécht. Mee wa mer awer duerno och e gesetzlech bindende Kader, fir Loyere festzeleeën oder maximal Loyere festzeleeën, eng Bandbreet vu Loyere festzeleeën, wëllen hunn, da muss dat och belaaschtbar sinn. An da geet et net duer, ze soen: „Do hunn elo 20 % vun de Leit, déi mer ugeschriwwen hunn, geäntwert, an dat heiten, dat ass et dann elo." Dann ass et nämlech net belaaschtbar.

An duerfir fannen ech, datt dat heiten, wou mer eis alleguerten eens sinn, datt mer dee Schratt solle maachen, dem Observatoire de l'habitat eng gesetzlech Basis ginn, fir datt en och en aneren Accès zu Donnéeë kritt, e wichtege Schrëtt an der Opstellung vun engem Mietkadaster ass, deen duerno natierlech dann och kann dozou déngen, net nëmmen eis Informatiounen ze ginn, mee awer och eventuell kënnen ze kucken, wéi mer dann den Encadrement vun de Loyere besser reegelen, wéi et haut gereegelt ass. Well datt dat sech selwer iwwerlieft huet, ech mengen, do si mer eis och quasi alleguerten heibannen eens.

Villmools merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8310 kommen. Well et deen éischten Text ass, géing ech Iech nach bieden, ze checken, ob Der alleguer op Ärem Posten ageloggt sidd, wannechgelift. An da géinge mer zur Ofstëmmung iwwert den Document parlementaire 8310[11] kommen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8310 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Octavie Modert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 6. 8702 – Projet de loi portant création d'un lycée à Schifflange et portant modification :

### 1° de la loi modifiée du 26 février 2016 portant création d'une école internationale publique à Differdange ;
### 2° de la loi du 19 décembre 2025 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2026

Da komme mer zum Projet de loi 8702 iwwert d'Grënnung vun engem Lycée zu Schëffleng. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht an deemno déi selwecht wéi virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Ricardo Marques, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Mandy Minella. Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut d'Éier, Iech de Rapport vun der Educatiounskommissioun zum Gesetzesprojet iwwert d'Schafung vun engem neie Lycée zu Schëffleng virzestellen.

Mat dësem Gesetzesprojet schafe mir eng nei ëffentlech international Schoul am Süde vum Land a setzen domat eng Mesür aus dem Koalitiounsaccord 2023-2028 ëm, deen d'Grënnung vun enger neier internationaler Schoul an der Agglomeratioun Esch-Uelzecht virgesäit.

Dës Mesür reagéiert op eng Realitéit, déi Lëtzebuerg zënter Jore prääagt: eng wuessend Bevëlkerung, méi Schüler an eng ëmmer méi divers Gesellschaft. Tëschent 2001 an 2025 ass d'Awunnerzuel markant

geklommen an domat och d'Nofro no qualitativ héichwäertege Bildungsweeër.

Eise Schoulsystem muss dëser Entwécklung Rechnung droen an de Besoine vun de Familljen an engem modernen, oppene Lëtzebuerg entspriechen. An deem Kontext hunn déi ëffentlech international Schoulen an de leschte Joren eng immens wichteg Roll. Zënter 2016 goufe sechs international Schoulen zu Lëtzebuerg opgemaach an trotz dëser Entwécklung ass d'Nofro méi grouss wéi d'Offer. Besonnesch am Süden ass de Besoin grouss, well déi aktuell International Schoul vun Déifferdeng an Esch-Uelzecht net all d'Ufroen erfëlle kann.

Déi nei international Schoul zu Schëffleng gëtt als agreéiert Europaschoul organiséiert. Si wäert de Programm vun den Europaschoule suivéieren an op den europäesche Baccalaureat virbereeden, en Diplom, deen an der ganzer Europäescher Unioun unerkannt ass an den Zougang zu Héichschoulstudien erméiglecht. D'Schoul wäert e multilinguaalt a plurikulturellt Konzept verfollegen.

Am Ufank gi franséisch an englesch Sektiounen ugebueden, d'Lëtzebuergescht bleift dobäi eng obligatoresch Integratiounssprooch. Sou gëtt et de Schüler mat verschiddene sproochlechen Hannergrënn erméiglecht, an engem passende Kader ze léieren a sech gläichzäiteg an eis Gesellschaft ze integréieren.

D'Europaschoul wäert déi dräi Schoulzyklen, also Spillschoul, Grondschoul an de Secondaire, ubidden. D'Grondschoul gëtt um Site Victor Hugo zu Esch-Uelzecht organiséiert, deen aktuell zur Internationaler Schoul vun Déifferdeng an Esch-Uelzecht gehéiert. De Secondaire gëtt zu Schëffleng implantéiert.

Duerch dës Reorganisatioun gëtt déi aktuell International Schoul vun Déifferdeng an Esch-Uelzecht ëmbenannt an „École internationale de Differdange". Op laang Siicht soll déi nei Struktur ronn 500 Schüler am Grondschoulberäich an ongeféier 1.000 Schüler am Secondaire ophuelen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech wier frou, wann e wéineg méi Rou kéint sinn, well et ass schwéier, nozelauschteren ënnert deenen hei Konditiounen, wannechgelift. Merci.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | De Gesetzesprojet definéiert och d'Organisatioun vun der neier Schoul. Virgesi sinn eng Direktioun, Léierpersonal souwéi sozioedukatiivt Personal. D'Gesetz trëtt fir d'Schouljoer 2027/2028 a Kraaft, erlaabt awer schonn am Virfeld déi néideg administrativ Virbereedungen.

Här President, zu dësem Gesetzesprojet gouf et och eng Rei Avisen:

De Staatsrot huet a sengem Avis keng Bemierkung zum Projet gemaach.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics begréisst, datt mam neie Lycée op déi wuessend Demande reagéiert gëtt an dass d'Offer am Süde vum Land och ausgebaut gëtt. Si gesäit awer och verschidde Froen do. Esou weist si drop hin, datt den Ausbau vun den internationale Schoulen net däerf dozou féieren, datt sech eng parallell Schoulwelt nieft dem nationale Schoulsystem entwéckelt. Si rifft dozou op, den europäesche Modell an de Baccalauréat européen grëndlech ze evaluéieren, éier weider Schoulen opgemaach ginn. Doriwwer eraus ënnersträicht si d'Wichtegkeet, dass d'Léierpersonal an d'edukatiivt Personal déi dräi administrativ Sprooche vum Land beherrschen, fir eng gutt Kommunikatioun mat den Elteren an an de Verwaltungen ze garantéieren. Si mécht och op praktesch Problemer opmierksam, notamment am Beräich vun der Mobilitéit an den ënnerschiddleche Schoulkalenneren.

D'Chambre de Commerce begréisst de Gesetzesprojet ausdrécklech. Si gesäit an der neier Europaschoul eng adequat Äntwert op déi demografesch Entwécklung an op déi wuessend sproochlech Diversitéit vun eiser Gesellschaft. Besonnesch positiv bewäert si d'Wiel vun enger agreéierter Europaschoul, déi zur Attraktivitéit vum Standuert Lëtzebuerg bäidréit an de Schüler aus net germanophone Milieuen nei Perspektive bitt. D'Chambre de Commerce ënnersträicht och, datt de Projet dozou bäidroe wäert, den Drock op déi bestoend international Schoulstrukturen ze reduzéieren. Eng eenzeg Kritick betrëfft d'Finanzfiche. D'Chambre de Commerce bedauert, dass d'Baukäschte vum zukünftege Gebai net mat agebonne goufen, wat eng komplett Bewäertung vun de finanzielle Konsequenze vum Projet géing erschwéieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dësem Gesetzesprojet soll eng zousätzlech Schouloffer geschaaft ginn, déi den Entwécklunge vun eiser Gesellschaft Rechnung dréit, d'Kapazitéiten am internationale Schoulwiese stäerkt, d'Accessibilitéit am Süde vum Land verbessert an ëmmer méi Kanner a Jonken e Schoulwee ubitt, deen hire sproochlechen a perséinleche Besoinen entsprécht.

Ech kommen elo zu dem Enn vu menger Rapportersried a gi soumat och den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Deen éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Ricardo Marques. Här Marques, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Ricardo Marques** (CSV) | Jo, merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Projet ass net nëmmen en eenzelne Schoulbauprojet, mee e konkreete Schrëtt an déi Richtung, déi mir eis als Majoritéit ginn hunn. Et geet ëm d'Fro, wéi mir eis Schouloffer un eng Gesellschaft upassen, déi wiisst, déi méi divers gëtt, an där d'Besoine vun de Kanner, vun hire Familljen net iwwerall déi selwecht sinn.

D'Demografie am Süde vum Land ass zanter Joren an enger staarker Dynamik. Mir hunn do eng wuessend Schülerpopulatioun an, wéi a ganz ville Regioune vum Land, och vill Famillje mat ënnerschiddleche sproochlechen a kulturelle Profiller an eng grouss Nofro no ëffentlechem internationalen an europäeschen Enseignement.

Et ass also richteg, dass de Staat hei reagéiert an eng zousätzlech Kapazitéit schaaft. Wann d'Schoul sech un d'Realitéit vum Land upasse soll, da muss se och do present sinn, wou de Besoin am gréissten ass. De Projet ass och wichteg, well en net einfach eng weider Schoul op d'Kaart setzt, mee eng Offer opbaut, déi de Kanner e kontinuéierleche Parcours erméiglecht. Den Text gesäit esou eng europäesch Primärschoul, en europäesche Secondaire an och d'Voie de préparation vir. Domadder ginn ënnerschiddlech Schülerprofiller zesumme geduecht.

Besonnesch wichteg ass fir ons de Gedanke vun der Chancëgläichheet. Jo, et ass wichteg, datt mir eng ëffentlech international Offer ubidden, well net all Kand am selwechte sproochlechen oder familiären Ëmfeld grouss gëtt an net all Famill déi selwecht Méiglechkeeten huet.

Mee grad dofir musse mir kloer soen: Dës Offer soll eng Alternativ sinn an net den Ersatz fir den traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem. Si soll eng Ergänzung sinn an net de Prinzipp. De Kär vun eiser ëffentlecher Schoul bleift de gemeinsame Schoulsystem mat senge Sproochen, senge Weeër a senger gesellschaftlecher Roll.

Eng ëffentlech international Schoul mécht do Sënn, wou si op konkreet Besoinen äntwert, wou si Kanner besser opfänkt an hinnen e passende Parcours erméiglecht. Dofir musse gläichzäiteg och besteeënd Orientatiounsweeër bewäert ginn, fir datt déi Kanner a Jugendlecher an dës Schoul kommen, fir déi dëse Parcours tatsächlech de richtege Profill an déi passend Äntwert ass.

Si däerf awer net derzou féieren, datt de reguläre System lues a lues als manner attraktiv empfonnt gëtt. Chancëgläichheet heescht net, e Modell duerch en aneren ze ersetzen. Chancëgläichheet heescht, verschidde Weeër unzebidden, ouni d'gemeinsaamt Fundament vun eiser Schoul aus den Aen ze verléieren.

Grad well mir dës ëffentlech international Offer als Ergänzung gesinn, ass et awer och wichteg, datt mir no der Ëmsetzung vun deenen dräi neien internationalen, europäesche Schoulen eng Bestandsopnam maachen. Wann déi dräi Schoulen, déi am Koalitiounsaccord virgesi sinn, bis realiséiert sinn, musse mir eis d'Fro stellen, ob d'Ziler och tatsächlech erreecht goufen. Hunn dës Schoulen op déi Besoine geäntwert, déi um Terrain bestanen hunn? Hu se d'Parcoursen an eisem ëffentleche Schoulsystem sënnvoll erweidert? A wéi gesäit et mam reelle Succès vun deenen dräi Schoulen aus, souwuel fir d'Schülerinnen a Schüler wéi och fir hir Familljen? Esou eng Evaluatioun ass wichteg, fir datt mir net just nei Strukture schafen, mee och gesinn, ob se wierklech de Meerwäert bréngen, dee mir eis dovun erwaarden.

Här President, dëse Projet ass wichteg, well en op eng konkreet Realitéit äntwert. An deem Sënn ass dëse Lycée zu Schëffleng net nëmmen eng nei Schoul. En ass en Deel vun enger méi breet geduechter Schoulpolitick, déi d'Kanner do ophëlt, wou se sinn an hinnen déi beschtméiglech Chancë mat op hire Wee gëtt.

Domadder ginn ech d'Zoustëmmung vun der CSV an ech soen Iech villmools Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Marques. Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Francine Closener. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, „firwat baue mer da schonn erëm eng nei international Schoul? Hu mer där da wierklech nach net genuch?" Déi Fro krut ech, a warscheinlech och e puer anerer vun Iech hei, an deene leschte Woche méi wéi eng Kéier gestallt, wa rieds goung iwwert déi geplangten nei Schoul zu Schëffleng oder och nach aner ëffentlech Europaschoulen, déi de Minister an der Pipeline huet.

Wat Schëffleng ugeet, probéieren ech de Leit dann ze erklären, datt et jo effektiv eng ganz grouss Nofro gëtt fir déi international Offer an dass ganz vill Eltere sech eng Plaz fir hiert Kand an esou enger Schoul géife wënschen. An dat weess natierlech och de Buergermeeschter vu Schëffleng, deen ech hei ganz häerzlech begréissen.

Wéi scho virdrun e puermol vun de Kolleege gesot ginn ass, hat déi International Schoul vun Déifferdeng an Esch d'lescht Joer schliisslech 1.200 Demandes d'inscription an nëmmen 300 Plazen. Et steet also komplett ausser Fro, datt et néideg ass, eng zousätzlech international Schoul zu Schëffleng opzemaachen.

Mee am Gespréich mat de Leit hunn ech awer gemierkt, dass et hinnen eigentlech ëm eppes aneres

geet. Déi Leit, déi skeptesch si vis-à-vis vun der Entwécklung vun eiser Schoullandschaft, bestreiden net, datt et eng Nofro no Plazen an internationale Schoule gëtt, mee si verstinn net, firwat déi „normal" Lëtzebuerger Schoulen, also d'Grondschoul mam neie Projet ALPHA, de Secondaire général, de Secondaire classique mat deene ville verschiddene Filièren, dann net amstand solle sinn, der Villfalt vun dem Land Rechnung ze droen.

Sinn eis normal Schoulen net méi gutt genuch? Dat ass jo am Fong d'Fro, déi sech stellt. An d'Äntwert ass fir eis op jidde Fall evident: Natierlech sinn eis traditionell Schoulen nach gutt genuch! Si hunn absolutt hir Existenzberechtegung. Si hunn et an der Vergaangenheet ganz ville Schüler erlaabt, en Diplom ze kréien, an zwar e ganz gudden Diplom, mat deem déi Jonk hiert Liewe konnten opbauen, en Diplom, dee fir Kompetenze steet, déi déi Jonk och effektiv hunn. Dat war an ass gutt esou, an et wäert sech hoffentlech och net änneren, datt d'Diplomer vun eisem Schoulsystem zu Lëtzebuerg hir Valeur behalen an net bradéiert ginn.

Mee et ass awer och net vun der Hand ze weisen, datt et an eiser Gesellschaft an de vergaangene Joerzéngte vill Verännerunge gouf. D'Bevëlkerung an eisem Land ass staark gewuess a vill méi divers ginn an déi traditionell Schoulen hu sech net esou séier ugepasst, wéi d'Gesellschaft sech verännert huet.

A firwat net? Bon, dat ass eng ganz gutt Fro, well dat froen ech mech, éierlech gesot, och. Firwat gëtt net méi konsequent gekuckt, wat an den Europaschoulen an an den traditionelle Schoule gutt leeft, a probéiert, een eenzege Schoulmodell auszeschaffen, an deem Kanner mat deene verschiddensten Hannergrënn zesumme léiere kënnen? Déi Fro stellen ech dem Minister eigentlech hei schonn zanter Joren. Firwat ass d'Motto bei den Europaschoulen „ënnerschiddlech Schoule fir ënnerschiddlech Schüler", wann de Mateneen an d'Inklusioun gläichzäiteg dach esou héichgehale solle ginn? Firwat schwätze mer hei direkt vun ënnerschiddleche Schoulen an net vun ënnerschiddleche Contenuen, vun Differenzéierung oder méi individuellen an autonome Léiermodeller?

All déi Prinzippie gi jo vum Educatiounsministère u sech héichgehalen, an dat och ganz zu Recht. Mee firwat gëtt sech da bei den Europaschoulen domat offonnt, dass aner Schüler anscheinend och aner Schoule solle brauchen? Dat licht eis net richteg an, well mir mengen dat net.

Aktuell, wéi d'Situatioun ass, ass et natierlech néideg, eng weider international Schoul opzemaachen, dës Kéier eeben zu Schëffleng, ganz einfach well keng aner Optioun um Dësch läit. Mee laangfristeg hale mir, d'LSAP, déi Pist net fir de richtege Wee. Mir sinn der Meenung, dass Kanner mat verschiddenen Hannergrënn sollen zesumme léiere kënnen. Si mussen net alleguerten zum selwechte Moment dat selwecht am selwechte Rhythmus léieren. Vun esou enger Approche, wou d'Inhalter an der Schoul guer net un déi eenzel Schüler ugepasst ginn, do si mer jo souwisou scho ganz laang fort. Mee mir fannen, datt eng Schoul muss eng Plaz sinn, déi Kanner a Jonker zesummebréngt. Alles aneres schuet dem Zesummenhalt an eiser Gesellschaft. An dat ka kee wëllen.

Här President, da sinn do jo och nach déi ganz ënnerschiddlech Ufuerderungen, déi an deenen zwee Schoulmodeller un d'Schüler gestallt ginn. An d'Diskussioune ronderëm d'Ënnerscheeder bei den Ofschlossexame sinn do jo eigentlech just d'Spëtzt vum Äisberg. Wat wëlle mer dann, dass eis Kanner um Enn vun hirer Schoulkarriär kënnen? Aktuell hu mer op dës Fro keng eenheetlech Äntwert. Missten d'Bildungsstandarden an d'Bildungsziler an den ëffentleche Schoule vun esou engem klenge Land wéi Lëtzebuerg net awer eng kloer gemeinsam Linn virweise kënnen?

**Une voix** | Très bien!

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Oder – awer och bei Wäitem net just dann – wann et ëm d'Mindeststandarde beim Lëtzebuergesche geet?

Natierlech sinn déi international Schoule vun europäesche Virgaben ofhängeg. Dat stellt jo och keen a Fro. Mee mäin Uleies ass et jo, den europäeschen an den traditionelle Modell méi no uneneen erunzeféieren, voire ze fusionéieren. An dat wier an enger net internationaler Schoul mat vollem Spillraum, wann et ëm de Curriculum geet, wann et ëm d'Wëssenspréifung geet, ëm d'Kompetenze geet, duerchaus méiglech, Här Minister.

Wann ech haut also mäin Accord zu dësem Projet ginn, da maachen ech dat net, well ech mengen, dass dat hei déi eenzeg Solutioun ass fir e Land, wou mer en ëffentleche Schoulsystem hunn, deen zwee ganz verschidde Pilieren huet. Dat fënnt meng Partei nämlech am Fong net gutt. An nawell stelle mer eis net queesch, well de Modell vun den internationale Schoulen eng gutt Noutléisung ass, fir aktuell Bildungsongerechtegkeeten op d'mannst ze reduzéieren, well wierklech ofgeschaaft kréie mer se heimadder net. Mee dat hei ass an eisen Aen eng kuerzfristeg Léisung an et muss onbedéngt e Provisorium sinn.

Et gëtt héich Zäit, dass endlech e Gesamtkonzept fir eis ganz Bildungslandschaft ausgeschafft gëtt, dat et mëttelfristeg erlabe soll, den aktuelle System mat der Spléckung ...

*(Interruption par la présidence)*

... – ech sinn direkt fäerdeg – tëscht den internationale Schoulen an den traditionelle Schoulen ze ersetzen. Bis dohinner ass et wichteg, esou transparent an éierlech wéi méiglech mat de Problemer ëmzegoen. An et ass och ganz wichteg, déi Bildungsziler endlech eng Kéier festzehalen, eenheetlech Standarden. An an deem Sënn géif ech och eng Motioun deposéieren.

An ech kéim domadder zum Enn a ginn den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*considérant*

*– que l'évaluation des compétences scolaires ne peut remplir son rôle que si ses outils sont fiables, comparables entre filières et transparents pour le grand public ;*

*– que les écoles européennes font l'objet d'un système de contrôle qualité au niveau européen, notamment à travers la procédure d'agrément et la Convention d'agrément, renouvelée tous les trois ans ;*

*– que les tests ÉpStan[1] sont un outil de référence pour mesurer les compétences des élèves et que leur périmètre est en cours d'élargissement ;*

*– que les écoles européennes participent également aux tests ÉpStan, mais que seules les compétences en mathématiques et dans la langue de section (allemand ou français) sont évaluées ;*

*– qu'il existe dans la population une incertitude quant à l'équivalence des diplômes de fin d'études et au niveau de compétences des élèves ayant effectué l'intégralité de leur parcours scolaire dans une école européenne, comparativement aux élèves issus de l'enseignement secondaire classique ou général national ;*

*– que des taux d'échec élevés ou des examens difficiles ne sont pas en eux-mêmes des indicateurs fiables de qualité scolaire, et qu'à l'inverse, des exigences plus souples dans certains tests ne signifient pas nécessairement un niveau de compétences insuffisant ;*

*– que le manque de transparence et les incertitudes persistantes autour du niveau réel des diplômés des écoles européennes risquent de freiner l'ouverture aux réformes dans le domaine éducatif ;*

*– que les standards éducatifs des écoles européennes, définis au niveau européen, et ceux de l'enseignement secondaire luxembourgeois poursuivent des objectifs d'apprentissage partiellement différents, ce qui rend difficile une comparaison directe des niveaux de compétences ;*

*– qu'il y a un intérêt à rapprocher les écoles européennes et les écoles traditionnelles, et à favoriser le transfert de bonnes pratiques entre les deux modèles ;*

*– que l'OEJQS[2] recommande d'harmoniser les objectifs d'apprentissage minimaux pour l'ensemble des écoles luxembourgeoises, primaires et secondaires,*

*invite le Gouvernement à*

*– améliorer la communication autour des évaluations des écoles européennes, afin que les résultats – y compris les comparaisons avec l'enseignement secondaire classique et général – soient perçus comme complets et accessibles par le grand public ;*

*– élaborer une feuille de route pour l'harmonisation des objectifs d'apprentissage minimaux au Luxembourg, applicable à l'ensemble des établissements scolaires, tout en respectant les spécificités propres à chaque filière et à chaque type d'école.*

*(s.) Francine Closener, Claire Delcourt, Ben Polidori.*

[1] *https://epstan.lu*
[2] *OEJQS. Evidenzorientierte Qualitätsentwicklung im Gesamtsystem Schule. Themenbericht zur ganzheitlichen Governance der Qualitätsentwicklung (Teil A). 2024, p. 24 et 80.*

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Closener. An deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech si frou, dass d'LSAP dat elo grad gesot huet, wat se gesot huet, well dat sinn déi Punkten, déi och fir eis extreemst wichteg sinn. Mir brauchen eng Schoul, déi d'Kanner zesummebréngt an net auserneespléckt.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Bei eppes kann ech der Madamm Closener awer net ganz Recht ginn. Si huet gesot: „Eis Schoul huet sech net ugepasst." Dach, och eis normal, traditionell Schoul huet sech ganz staark ugepasst. Dir wësst warscheinlech, dass an de leschte Joerzéngte ganz vill Allegementer bäikomm si fir all méiglech Schüler mat alle méiglechen, zum Beispill sproochlechen, Defiziter. Esou kann ee kompenséieren op allen Niveauen. Am General kënnt ee weider, och wann een an enger Sprooch ganz schlecht ass. Et kann een op Première an och op Treizième Sproochen ewechloossen, soudass et scho laang net méi esou ass, dass eis traditionell, normal, ganz gutt Schoul Schüler iergendwéi géif diskriminéieren. Dat wëll ech mol einfach hei vu virera soen.

Mir si grondsätzlech fir nei Lycéeën, mee mir sinn awer net fir nach weider ëffentlech international, europäesch Lycéeën. Dat si mer net!

An ënner anerem d'Staatsbeamtekummer ass och ganz skeptesch. An an hirem Avis seet se zum Beispill Follgendes: Si fäert, dass d'international Schoulen zu

enger zweeter Schoulschinn kéinte ginn an d'Attraktivitéit vum traditionelle Lëtzebuerger Schoulsystem schwäche kéinten. Si äussert Suerge betreffend d'Integratioun, de sozialen Zesummenhalt an déi staark sproochlech Segmentéierung vun de Schüler. Si kritiséiert déi geplangte Sproochenufuerderunge fir d'Personal als ze niddreg a fuerdert besser Kenntnisser vun den dräi Amtssproochen – dat ass bei de Proffen.

Sproochen, dat ass souwisou e Problem an deenen neien ëffentleche Lycéeën, net nëmme bei de Proffen, och bei de Schüler. Den SEW huet den 30. Januar e Communiqué erausginn, wouran en dorobber opmierksam mécht. En huet eng Ëmfro gemaach bei all de Lëtzebuergeschproffen an den ëffentlechen internationalen, europäesche Schoulen. An hei geet ervir, dass d'Lëtzebuergescht an den ëffentlechen internationalen, europäesche Schoulen déi uviséiert Léierziler net emol annähernd erreecht.

88,9 % vun de Proffe soen, dass den Niveau vum Lëtzebuergeschen an den ëffentlechen europäesche Schoulen net erreecht gëtt, deen uviséiert ass. Ech mengen, dat ass e bëssen eng Bankrotterklärung, wat d'Lëtzebuerger Sprooch an dëse Schoulen ugeet!

Fir eis ass et ganz kloer: Grad an engem Land wéi Lëtzebuerg, wou et ganz vill Leit mat Migratiounshannergrond gëtt, ganz vill Kanner vun Auslänner gëtt, ass et ëmsou méi wichteg, déi Kanner zesummenzebréngen, ze integréieren an engem gemeinsame Schoulsystem a se net schonn ze trennen a verschidde Schoulsystemer, europäesch Schoulen, international Schoulen, traditionell Schoulen, jee no Nationalitéit, no Sprooch, no Kultur, no wat och ëmmer. Dat ass fir eist Land net gutt. Mir mussen d'Kanner zesummekréien. Mir mussen dofir eis traditionell Schoule stäerken a mir musse se als Erfollegsmodell dohinnerstellen, wat se och sinn an der Integratioun. An deen neimoudesche Bashing vun eiser dach awer ganz gudder, traditioneller, normaler Schoul, dee muss endlech ophéieren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir wäerten duerfir keng international Schoule méi opmaachen.

An ech wëll nach op eppes ganz aneres hei agoen.

**Une voix** | Dir hutt nach ni eng opgemaach.

*(Interruption)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir wäerten hei net nach eng Kéier esou eppes matstëmmen. Mir wäerten haut dergéint stëmmen. An och bei zukünftege Projete fir all international, europäesch Schoule wäerte mer evidenterweis dergéint stëmmen.

An da gëtt et eng fundamental Ongerechtegkeet an eiser Schoul. An dat ass den Ënnerscheed eebe grad zwëschent deenen europäesche Schoulen an der traditioneller Lëtzebuerger Schoul. Wärend am Classique an am General d'Kanner musse méi Sprooche léieren an eréischt mat 19 Joer hir Première kënne maachen, kënne se an deenen anere Schoulen, deenen europäesche Schoulen, mat manner Sproochen a scho mat 18 Joer hir Première maachen. Dat heescht, si hunn ee Joer manner Schoul. Dat ass eng risegrouss Ongerechtegkeet hei am Land, wou déi eng Kanner ee Joer manner Schoul musse maache wéi déi aner an de selwechten Diplom kréien. Dat kënne mir net akzeptéieren! Mee dat war Äre Choix. A soulaang Der näischt dorunner ännert, wäerte mer Iech och ëmmer dorun erënneren.

Mat eisem Nee zu dësem neien europäesche Lycée setze mir natierlech eise Walprogramm vun der ADR ëm, mee doriwwer eraus och dee vun der CSV. An ech zitéieren Iech hei aus de „Wahlprüfsteine" vun der Féduse 2023 virun de Walen: „D'CSV ass géint e weideren Ausbau vun der Parallellwelt, déi duerch déi vill international Schoulen entstanen ass." Voilà. Dat setze mir ëm.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President.

*(Brouhaha)*

Ech waarden, bis et e bësse méi roueg ginn ass.

*(Coups de cloche de la présidence)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift!

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Virewech, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen: Mir ginn den Accord zu dësem Projet de loi, well et Sënn mécht, well d'Demografie am Süden eis offensichtlech weist, wéi d'Nofro ass, a well et och iergendwou kohärent ass par rapport zu der Planifikatioun, déi viru Joren eeben do an der Regioun ugefaange gouf, fir ëffentlech international, europäesch Schoulen opzemaachen.

Wat awer, mengen ech, op dëser Plaz trotzdeem muss e bësselche kontextualiséiert ginn oder a Fro gestallt ginn – an ech mengen, verschidde Virriedner hunn och vun dëser Geleeënheet profitéiert –, ass awer d'Fro vun der Kohärenz vum System. An ech hat et och schonn an der Chamberskommissioun ugeschwat. Et ass d'Fro, ob et haut wierklech nach eng Necessitéit gëtt, och an der Zukunft Primärschoulsfilièren an den internationale Lycéeën esou an der Planung ze envisagéieren, wéi dat am Moment nach gemaach gëtt. Ech mengen, et gouf zu engem Moment geplangt, wéi de Projet ALPHA nach e Konzept um Pabeier war an nach net huet missen ëmgesat ginn. An haut si mer awer an enger Situatioun, wou mer elo scho wëssen, dass mer mam Projet ALPHA eng flächendeckend Offer hunn, wou souwuel op Franséisch wéi op Däitsch soll kënnen alphabetiséiert ginn.

Et gëtt sécher nach iergendwou eng Nofro par rapport zu enger anglophonner Clientèle. An awer stelle mer e bësselchen als Gréng a Fro, ob ee wierklech scho ganz kleng Kanner fir d'Primärschoul oder fir scho quasi d'Spillschoul muss a grouss regional Schoule bréngen, wou mer awer dovunner iwwerzeegt sinn, dass et wichteg ass, eeben deene Kanner och eng lokal Verankerung an hire Gemengen do unzebidden, wou se grouss ginn, eeben och wat d'sozial Kohäsioun ugeet. Dat war zu engem Moment sécherlech richteg, wou et den ALPHA nach net esou ginn ass.

Elo feelt eis awer e bësselchen déi Gesamtvisioun, dat kohärent Aneneegräife vun deene verschiddene Schoulmodeller. An dat dréit awer iergendwou zu enger Zersplitterung bäi, wou eis e bësselchen dat grousst Zil derhannert heiansdo net ganz kloer ass. An dat vermësse mer och bei där Regierungsstrategie, wéi mer se de Moment hunn.

Mir sinn awer frou ze gesinn, dass d'Lëtzebuergescht soll gestäerkt ginn an den internationale Schoulen. Ech mengen, dat ass e wichtege Punkt. Et kënnt jo och net vun näischt, dass déi Kriticken ubruecht goufen, an do muss drop reagéiert ginn.

Nichtsdestotrotz gesi mer, dass mer an de klassesche Lycéeë mëttlerweil Filièren op Franséisch hunn. Mir hu Filièren, déi op Däitsch solle kommen. Dat begréisse mer ausdrécklech. Mee mir gesinn u sech, dass eis traditionell Schoul Modellen iwwerhëlt vun den internationalen, europäesche Schoulen. Dat fanne mer gutt. Mir hätte gären, dass déi béid Systemer aneneewuessen. Mee wou steiere mer letztendlech hin? A wéi wäit wëlle mer, dass béid Modelle besser aneneegräifen? Do feelt mer e bësselchen d'Gesamtvisioun. Do gesi mer eenzel, punktuell Aktiounen, déi vläicht emol an déi richteg Richtung ginn, mee d'kohärent Zil vun engem gemeinsame Curriculum feelt eis awer nach e bësselchen.

An do géinge mer wierklech och nach eng Kéier wëlle vum Minister wëssen, wéi bei de Planifikatioune vum Curriculum fir de Lycée och do d'international, europäesch Schoule matagebonne ginn, wéi wäit dat Wëssen, déi Philosophie, déi do ubruecht gëtt, och do hir Plaz fënnt a wéi een dat och do ka kohärent zesummen denken. Wéi gesot, dat kënnt eis nach e bësselchen ze kuerz.

Fir de Rescht gi mer fir dëse Projet eis Zoustëmmung. Mir kënnen dat ënnerstëtzen. Mee mir wiere wierklech frou, wa mer do um Niveau vun der Kohärenz an der laangfristeger Visioun, wou eise Bildungssystem zesummen, gemeinsam, an net getrennt vunenee soll hiwuessen … Dat feelt eis nach e bëssen. An do hoffe mer dann och nach, geschwënn Äntwerte vum Minister ze kréien.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här Sven Clement huet elo d'Wuert. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, also grondsätzlech hu mer an deene leschte Joren net genuch Schoule gebaut. Mir hunn der net genuch opgemaach. A mir sinn dofir elo an enger Situatioun, wou mer der weiderhi mussen opmaachen. An deementspriechend kann ech et virewechschécken: Mir wäerten dëse Projet ënnerstëtzen.

Mir denken och, au contraire vun engem vun de Virriedner, datt et eng substanziell Verbesserung gëtt par rapport zu deenen aneren internationale Schoulen, nämlech datt mer hei wierklech d'Lëtzebuergescht obligatoresch als Integratiounssprooch wäerte benotzen.

Ech wëll awer, genau wa mer doriwwer schwätzen, eng Fro opwerfen, déi och nach Géigestand vun enger Question parlementaire ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wou et elo eng Demande gouf, fir den Delai ze verlängeren, mee wou et awer, mengen ech, eng kruzial Fro, och wat den Enseignement ugeet, gëtt. An et ass esou, datt mer am Nationalitéitegesetz hei zu Lëtzebuerg stoen hunn, datt een, wann ee siwe Joer an der Schoul hei zu Lëtzebuerg war, wou Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an der ëffentlecher Schoul, dann d'Recht op d'Optioun huet, de Lëtzebuergeschcours an den Integratiounscours net mussen ze maachen, fir d'lëtzebuergesch Nationalitéit ze kréien.

Elo ass et mer awer zougedroe gi vu Gemengen – a Clierf ass e Beispill, wou Lëtzebuergesch obligatoresch ass als Integratiounssprooch –, datt Schülerinnen a Schüler, déi do siwe Joer an d'Schoul gaange sinn, herno d'Recht op d'Optioun verweigert kréien an erëm, obwuel se Lëtzebuergesch schwätzen, an e Lëtzebuergeschcours geschéckt ginn, dee souwisou iwwerlaf ass, eppes, wat, mengen ech, absolutt absurd ass.

An dofir wollt ech awer de Minister froen, onofhängeg vun deem, wat am Justizministère nach leeft, an all deenen Zuelen, déi ech gefrot hunn, ob d'Regierung, wann an Zukunft elo all d'europäesch Schoulen, all international Schoulen, déi mer ëffentlech opmaachen, solle Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch hunn,

dann och gedenkt, datt mer all deene Schülerinnen a Schüler dann och eng Pist opmaachen, fir sech zu Lëtzebuerg och iwwert d'Nationalitéit ze integréieren. Well soss si mer awer wierklech e bëssen absurd an da stellt sech och d'Fro, firwat se dee Lëtzebuergesch-cours dann och solle wierklech wouerhuelen.

Dat gesot, mengen ech, solle mer weiderhin op Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch setzen. Dat ass e wichtegt Element fir den Zesummenhalt hei am Land, och an de Veräiner. An deementspriechend begréisse mer dat.

Elo vläicht ... Deen ee Bemoll gouf schonn ugeschwat vun der Rapportrice, dofir merci. Dat erspuert mer, nach eng Kéier op d'Remarke vun der Chambre de Commerce mussen anzegoen. Dat ass e bëssen eng rekurrent Saach, déi ech, mengen ech, och schonn e puermol ugeschwat hunn. Wa mer Projete kréien, da soll d'Fiche financière komplett sinn. Da sollten och d'Käschte mat ofgedeckt sinn, déi vläicht net direkt mam Gesetz zesummenhänken, nämlech: „Mir maachen e Lycée op. Mir maachen eng Schoul op", mee och mat allem, wat hannendrunhänkt. An dat sinn nun emol och d'Baukäschten. Et wär gutt, wann déi och an de Fiche-financièrë wären. Dat vläicht als kleng Formkritick.

An dat gesot, begréisse mir de Projet, well mir hunn net genuch Schoulen. An dofir si mer derfir: fir all weider Schoul kënnen ze bauen, ëmsou méi wa Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch déngt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. Deen nächste Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech ka mech nach erënneren, wéi mer hei an der Chamber u sech de Projet de loi gestëmmt hate vun der éischter internationaler, europäescher Schoul. Dat war déi zu Déifferdeng, wann ech mech net ieren. Et war schonn eng interessant Debatt. A wann ech mech och net ieren, hate mir eis deemools enthalen.

Mir haten eis enthalen, well mer u sech net de Projet selwer a Fro gestallt hunn a well mer och schonn erkannt hunn, datt déi Schoul gewëssene Besoine géif entspriechen. Mee eis Suerg war och schonn deemools, ze soen: Et ass awer geféierlech, wann een elo, amplaz déi traditionell Schoul ze reforméieren an déi Reformen eranzebréngen, fir datt se op déi ganz Diversitéit vun de verschiddene Schüler kann agoen, déi mer am Land hunn, u sech e parallelle System mécht.

Et ass gesot ginn och vun enger Virriednerin, der Madamm Closener, mengen ech ... Et ass vun Noutléisung geschwat ginn, well mer tatsächlech awer iergendeng Kéier mussen handelen, well wann een ëmmer laang waart, da gëtt et allkéiers nei Generatioune vu Kanner, déi vläicht net déi Educatioun kréien, déi se bräichten, an et ass vläicht méi komplizéiert, den traditionelle System déifgräifend ze reforméieren – obwuel ech mengen, datt dat awer trotzdeem méiglech ass. A vläicht ass et manner komplizéiert, wéi ee sech dat virstellt. Mee eng Noutléisung kann net éiweg bleiwen.

An dat ass de Problem, well elo haut stëmme mer erëm eng Kéier iwwer e Projet de loi vun enger Schoul zu Schëffleng of. A mir sinn eis och bewosst, datt déi Schoul gebraucht gëtt. Mir hunn net genuch Schoulen. Mir wäerten och an deem Sënn derfir stëmmen. Mee mir hunn awer och déi Kriticken, an ech si elo net deen éischten, dee se expriméiert. Déi Kriticke bleiwe weiderhin. Et ass net gesond, wa mir elo zwee parallell Systemer opbauen, quitte datt déi international, europäesch Schoulen eng ganz interessant Offer kënnen offréieren, an zemools déi zu Schëffleng, datt een och kuckt, wat a verschiddene Gebaier ..., datt ee versicht, déi positiv Saachen ze transposéieren an dem Traditionellen.

Jo, d'Schüler musse beieneegehale ginn. Duerno gëtt et souwisou ... Am Laf vun der Scolaritéit wäerten d'Schüler sech lues a lues an eng aner Richtung orientéieren. An do kommen ech erëm eng Kéier op dee Punkt, deen eis awer och wichteg ass an deen an eisen Ae wierklech nach ëmmer e grousse Problem duerstellt hei zu Lëtzebuerg. Dat ass déi vill ze vill fréi Opdeelung an zwee Regimmer – déi heeschen zwar elo net méi esou, mee déi hu mer nach esou kannt –, de Classique an den Technique, datt d'Kanner vill ze vill fréi schonn opgedeelt ginn an datt se schonn op eng gewësse Bunn ..., quitte datt et ëmmer méiglech ass, an deen anere Regimm ze goen, mee et ass awer ëmmer méi komplizéiert, datt se op eng gewësse Bunn am Alter vun 12, 13 Joer gesat ginn, ouni ze wëssen, wat hir Capacitéiten oder hir Goûte wäerte sinn, wa se méi grouss ginn. A mir duechten ëmmer, et wier vill besser, datt een d'Schüler sou laang wéi méiglech an de Lycéeën zesummenhält an datt se lues a lues och a Kontakt komme mat deene verschiddenste Formatiounen, siefen et intellektueller oder handwierklecher, alle béid, an datt se lues a lues hire Choix kënne maachen an och sech orientéiere kënnen an déi Richtung, wat hinnen am beschte gefält.

Dofir hu mer och, mengen ech, eng Devaloriséierung, déi grav ass, vun techneschen an handwierkleche Beruffer. Dat huet engersäits domadder ze dinn, datt d'Leit net genuch bezuelt ginn. Dofir kann d'Schoul elo net. Mee dat huet och domadder ze dinn, datt u sech déi Formatioune vläicht net esou positiv unerkannt ginn, well mer déi zwee Regimmer hunn. An dofir wier eng Gesamtschoul, déi lues a lues forméiert an déi lues a lues orientéiert plus natierlech dann eeben ageet op d'Diversitéit vun eise Schüler, eng vill besser Léisung.

Ass déi traditionell Schoul dann elo méi schlecht wéi déi aner? Neen, dat ass net de Problem. De Problem läit awer och doran ... Mir hate schonn eng Diskussioun. Ech hat eng Interpellatioun gefrot. Dat war zwar fir de Fondamental, mee mir hunn awer och Problemer um Niveau vun Aarbechtskonditioune vum Personal an de Lycéeën an de Beruff gëtt ëmmer manner attraktiv. A wann d'Personal, wa Proffen, wann Enseignanten net méi esou glécklech sinn an hirer Aarbecht, déi awer eng flott Aarbecht ass u sech, da wäert dat och net dozou bäidroen, datt d'Educatioun vun de Schüler an deene Lycéeë besser gemaach gëtt. Dat heescht, dat ass awer och e Chantier, wou nach ganz staark muss geschafft ginn.

Wéi gesot, mir stëmmen dat heite mat, well déi Schoul eeben nëtzlech ass. Ech mengen, den Här Minister huet et vu ville Leit elo héieren, an net just hei an der Chamber, datt mer awer mussen an eng Richtung goen, wou déi verschidde Regimmer elo ëmmer méi uneneen ugepasst ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

Dann ass et un der Regierung ze schwätzen. Här Educatiounsminister, Dir hutt d'Wuert.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, virun zéng Joer hunn ech bei der Ouverture vun der École internationale zu Déifferdeng gesot, datt déi Schoul net besser wär wéi aner Schoulen, mee se wär awer bestëmmt besser fir eng ganz Rei vu Schülerinnen a vu Schüler. An dat hunn entre-temps ganz vill Schüler, an notamment och hir Elteren, begraff. An et ass hei e puermol erwäänt ginn, datt déi Zuele vun den Inscriptiounen eigentlech eng kloer Sprooch schwätzen. An et huet een d'Gefill, d'Leit sinn amgaangen, mat de Féiss ofzestëmmen, well se fannen, datt fir vill vun hire Kanner eeben déi Schoul besser Perspektive bitt. An duerfir wëlle se sech do aschreiwen.

Ech mengen, d'Francine Closener huet d'Zuele genannt, déi ech beim Depot vum Projet de loi, dee mer de Mëtteg hei stëmmen, genannt hunn. D'Inscriptiounen nämlech an d'École internationale Déifferdeng/Esch fir d'Joer 2025/2026, déi waren dee Moment nach net komplett, well am ganze Joer goufe bis haut 413 Schüler nei opgeholl. Insgesamt hate se Demandë vun 1.592. Dat heescht, ee vu véier, déi wëllen an där Schoul beschoult ginn a wou d'Eltere jo sécherlech och Ursaachen hunn, fir der Meenung ze sinn, datt se an där Schoul solle beschoult ginn, dee kritt déi Dier opgemaach. A fir dräi vu véier Schülerinnen oder Schüler bleift déi Dier zou.

A mir wëssen, wat dat ganz dacks bedeit en termes vu Chancen op eng gutt Scolaritéit, op en Ofschloss, op d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft, an eist Aarbechtsliewen an doriwwer eraus.

Fir d'Schouljoer 2026/2027 ass dat net aneschters. Wann ech elo mol déi sechs ëffentlech Europaschoule kucken, déi mer bis haut hunn, an ech kucke ganz aleng déi Joergäng, wou ee jo eng Inscriptioun mécht fir unzefänken – ech negligéieren elo mol all déi Schülerinnen a Schüler, déi am Laf vun der Scolaritéit vu bausse kommen –, also an der Maternelle 1, am Primaire 1 an am Secondaire, dann hu bis elo fir d'nächst Joer 800 Schülerinnen a Schüler an deene sechs Schoulen eng Plaz kritt. 1.057 goufen der elo schonn ofgeleent, aleng op deenen dräi Klassen an deene sechs Schoulen.

De Succès vun deene Schoulen – Eenzelner géife vläicht éischter soen: d'Popularitéit vun deene Schoulen – ass jo och kee Wonner. Mir sinn e Land, dat sech duerch eng grouss Diversitéit vu senger Populatioun auszeechent. Mir sinn e Land, dat, mengen ech, den europäeschen Esprit matten am Häerz dréit. Mir si Grënnungsmember vun der Europäescher Unioun. Mir sinn e Land, dat sech duerch seng Oppenheet auszeechent. An de Succès vun dësem Land besteet och doranner, datt Leit heihinner kommen, d'Äerm eropsträppen, ufänken ze schaffen, sech eng Existenz opzebauen, datt se dat liewen, wat d'Europäesch Unioun eigentlech proposéiert, nämlech d'Mobilitéit, dohinner ze goen, wou ee seng Chancen huet.

Mee Europa hat eppes vergiess: datt déi Leit net aleng reesen, datt déi Leit net aleng dohinner ginn, wou Aarbecht ass, mee datt se eng Famill a Kanner mathuelen.

An dat erkläert, Dir Dammen an Dir Hären, awer och de Succès oder d'Popularitéit vun den ëffentlechen Europaschoulen, well dat eng Schoul ass, wou ech eeben, och wann ech net doheem Däitsch oder Lëtzebuergesch schwätzen, ka Perspektiven hunn.

A mir wëssen, datt e groussen Deel vun eiser Populatioun doheem net Däitsch oder Lëtzebuergesch schwätzt. A mir wëssen, och wa mer ALPHA hunn, da wäert dat sech och an eiser bisheereger traditioneller Schoul änneren, mee datt mer nach ëmmer en Drëttel vun der Populatioun hunn, deen net Däitsch, deen net Lëtzebuergesch, deen net Franséisch, deen net Portugisesch schwätzt doheem, mee och

aner Sproochen, eng Villfalt vun anere Sproochen, schwätzt.

An duerfir mengen ech, datt fir ganz vill Elteren déi ëffentlech Europaschoulen hei eng reell Alternativ eebe sinn. An et ass dat, wat mer momentan hunn. Et ass dat, wat mer momentan kënnen ubidden, fir jonk Leit ze qualifizéieren an op deen doten Niveau ze bréngen.

Ech wëll net drop agoen, datt jo scho vill Versich gemaach goufe virdrun, fir de Lëtzebuerger Schoulsystem esou fit ze maachen an esou divers ze maachen, déi jo do gelant sinn, wou se gelant sinn, soudatt ech fest der Meenung sinn, datt mer, wa mer deene Schülerinnen a Schüler, déi haut do ageschriwwe sinn an déi och an der neier Schoul zu Schëffleng wäerten ageschriwwe ginn, déi Perspektiven do kënne bidden, dat da solle maachen.

D'Fro, déi vum Francine Closener hei zitéiert ginn ass, déi ëmmer erëm opkënnt – ech héiere se ëmmer vun engem, dat ass vum Francine Closener –, dat ass: „Firwat dann elo schonn erëm eng Europaschoul?"

Da musse mer vläicht eng Kéier kucken: Ass dat da wierklech esou? Baue mir nëmmen Europaschoulen? Mir haten eng Kommissiounssëtzung tëscht der Kommissioun vun den Travaux publics an der Educatioun, wou mer eise kuerzfristegen an eise mëttelfristegen Ausbau vun de Schoulen, souguer eise laangfristegen Ausbau vun de Schoule bis d'Joer 2050 skizzéiert hunn. Do si ganz vill Dokumenter verdeelt ginn, déi der Chamber, all Deputéierten hei eigentlech misste zougänglech sinn. A wann ech elo dora kucke ginn, an déi Dokumenter, da gesinn ech do kuerz- a mëttelfristeg Bauprojeten, wou mer an den Écoles internationales 6.060 Plazen zousätzlech wäerte schafen, wou mer an eisem nationale Schoulsystem fir d'Lycéeën, Secondaire classique, Secondaire général a Voie de préparation, 9.920 Plazen zousätzlech schafen.

38 % vun deene geplangte Plaze wäerten also fir eng international Schoul sinn. Dat sinn déi ëffentlech Europaschoulen, dat sinn awer och déi, déi d'A-Grades ubidden, dat sinn och déi, déi de Baccalauréat international ubidden. An 62 % si fir eisen – vun Eenzelnen hei esou bezeechenten – gudden nationalen, traditionelle Schoulsystem. Mir investéieren also och an eisen nationale Schoulsystem, mir investéieren am Steen an eisen nationale Schoulsystem, mir investéieren awer natierlech och am Fonctionnement an eisen nationale Schoulsystem.

D'Chamber huet hei virun e puer Méint eng Decisioun geholl, déi, mengen ech, richtungsweisend ass: vum Projet „ALPHA – zesumme wuessen". Dat ass en Investissement an eisen nationale Schoulsystem, wou mer en transforméieren. Elo kënne mer eis natierlech alleguerte virwerfen, dat géif net wäit genuch goen. Ech wëll Iech awer och soen: Den Changemanagement huet och Limitten! A mir sollen elo mol kucken, datt mer dat doten iwwert déi nächst Jore qualitativ gutt ëmsetzen, an da kann ee sécherlech weiderkucken.

Mir hu viru Kuerzem nach eng Kéier ënnerstrach, datt mer bei der nächster Rentrée am Secondaire och vill méi frankofon Klasse wäerten ubidden, datt mer dat, wat mer an der Voie de préparation, am Enseignement secondaire général, am Enseignement secondaire classique an deene leschte Joren op enger Rei vu Plazen ugebueden hunn, wann och net an alle Lycéeën, dach awer an allen Ecker vun eisem Land ubidden. Och dat ass eng Transformatioun vun eisem gudden alen, traditionellen, nationale Schoulsystem a mécht enger ganzer Rei vu Schülerinnen a Schüler d'Dieren op.

Mee mir wëssen awer, datt och weider vu bausse ganz vill Schüler bei eis kommen, datt net all Schüler, deen iergendwann eng Kéier d'ëffentlech Schoul hei wäert visitéieren, hei gebuer ass, datt der ganz vill anzwousch aneschters gebuer sinn, hir Scolaritéit anzwousch aneschters ugefaangen hunn. Well 2 % vun deene Schüler komme pro Joe vu bausse bäi a mussen integréiert ginn. An da kann een awer net einfach soen, wann ee mat zéng oder mat zwielef Joer bei eis an d'Land kënnt, datt dat dann alles esou einfach ass, fir da schnell op Franséisch oder op Däitsch einfach emol esou dee Schoulsystem ze suivéieren. Wann ech awer vläicht Portugisesch an Englesch bis elo an der Schoul hat, da geet dat vläicht besser an enger ëffentlecher Europaschoul. An duerfir, bei allen Efforten, déi mer maachen, fir eise Schoulsystem der Diversitéit vun der Populatioun unzepassen, mengen ech, datt mer nach ëmmer e Besoin hunn.

Eis Schoulpopulatioun ass esou divers, an duerfir mengen ech, datt och eis Schouloffer absolutt divers ka sinn. An déi ass dat jo souwisou ëmmer gewiescht: Och virun 2016, virun der Ouverture vun der éischter ëffentlecher Europaschoul, war eis Schoullandschaft divers, well mir hate jo schonn Europaschoulen, mir hate schonn international Privatschoulen. Awer dee groussen Ënnerscheed ass, datt net jiddereen Zougang dozou hat. Dat heescht, déi eng Elteren hu fonnt, datt dat de bessere Wee wär fir hir Kanner. An déi hunn dat jo net gemaach, fir Suen auszeginn, fir se onbedéngt lasszeginn. Déi hunn dat gemaach, well se fest dervun iwwerzeegt sinn, datt dat hire Kanner besser Chancen am Liewe kéint bidden, déi deenen da géifen opstoen. Awer fir déi aner, déi sech dat net konnten erlaben, aus finanzielle Grënn notamment net konnten erlaben, fir déi géifen déi Dieren zoubleiwen. Ech denken, datt et e Choix vun den Eltere soll sinn, wat fir eng Schoul ee sech eraussicht, wou nämlech d'Kanner déi beschte Perspektiven hunn, an datt et net de Portmonni vun den Eltere soll sinn, deen déi dote Fro soll beäntwerten.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Här President, ech gesinn, d'Zäit geet op en Enn. Vläicht nach ganz kuerz e puer Äntwerten op déi Froen, déi gestallt goufen, déi awer och an der Chamber scho beäntwert goufen, nämlech iwwert d'Lëtzebuergescht. Do hunn ech hei op dëser Plaz och scho virun enger gewëssener Zäit gesot, datt mer eng weider Méiglechkeet wäerten ubidden, fir Lëtzebuergesch als „other national language" unzebidden – op Lëtzebuergesch heescht dat „eng aner national Sprooch" –, ...

*(Hilarité)*

... wou een dann d'Zil viséiert, deen Niveau ze erreechen, deen ee brauch, fir duerno och d'Lëtzebuerger Nationalitéit ze kréien, an och d'Zil erreecht, dat ee brauch, fir Fonctionnaire beim Lëtzebuerger Staat oder bei enger Gemeng kënnen ze ginn. Dat berouegt, mengen ech, besonnesch staark.

Ech wëll ofschléissend, Här President, nach Merci soen. Merci der Gemeng Schëffleng, well ouni den Engagement vun der Gemeng Schëffleng, ouni d'Hëllef vun der Gemeng Schëffleng bräichte mer haut net iwwert dat Gesetz hei ofzestëmmen, well mir kéinten déi Schoul net opmaachen. An ech wëll ganz besonnesch deenen zwee Buergermeeschtere Merci soen, dem Paul Weimerskirch, dee bis viru Kuerzem nach Buergermeeschter war, an awer och sengem Nofollger, dem Carlo Feiereisen, stellvertriedend fir d'Gemeng Schëffleng, ganz einfach well si erkannt hunn, datt dat doten eng Chance ass, och fir hir Populatioun, eng Opwäertung fir hir Gemeng kann duerstellen, a virun allem Perspektive fir déi Kanner, déi haut schonn zu Schëffleng amgaange sinn opzewuessen.

An duerfir Iech alleguerten e Merci fir déi dach breet Zoustëmmung de Mëtteg hei.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Une voix** | Exzellent!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Ech gesinn, datt ech zwou Wuertmeldungen hunn. Ech ginn dervunner aus, datt se dem Här Minister wëllen eng Fro stellen. An dofir kritt da fir d'éischt den Här Keup an duerno d'Madamm Closener d'Wuert.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Ech hätt zwou Froen. Déi éischt Fro ass déi: Déi Schüler, déi elo an déi ëffentlech europäesch Schoule ginn, léieren am Moment net Lëtzebuergesch op engem gudden Niveau. Dat wësse mer. Elo wëllt Der dat verbesseren, ok. Mee wa se duerno gär Fonctionnaire ginn, op eng Gemeng schaffe ginn oder zum Beispill Polizist ginn, da musse se jo net nëmme Franséisch a Lëtzebuergesch op engem gudden Niveau kënnen, mee si mussen och Däitsch op engem gudden Niveau kënnen. Kënnt Dir do garantéieren, dass déi Schüler, déi do erauskommen aus deene Schoulen – well do sinn der jo vill, déi Däitsch éischter rudimentär kënnen –, duerno bei de Staat kënne schaffe goen als Fonctionnaire, wou déi dräi Sproochen op engem héijen Niveau gebraucht ginn? Ech mengen net.

An déi zweet Fro ass déi, déi ech Iech scho gestallt hunn, a wou mer och nach keng Äntwert vun Iech kruten: Wéi ass et mat der Ongerechtegkeet, dass déi eng hir Première mat 18 maachen an déi aner eréischt mat 19?

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Déi zweet Fro kënnt mer bekannt vir. A meng Äntwert misst Iech eigentlech och bekannt virkommen: Och wann ech ...

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | De Minister huet d'Wuert.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Och wann ech op de Kierchbierg oder op Mamer an d'Europaschoul ginn, da kann ech se mat 18 maachen, wann ech dann all Joer reusséieren. An duerfir ass dat och esou an den ëffentlechen Europaschoulen. Dorobber hu mir keen Afloss als Land, ...

*(Interruption par M. Fred Keup)*

... well d'Europaschoulen net gedroe gi vum Lëtzebuerger Staat. D'Europaschoule gi gedroe vun deene 27 Memberstaate vun der Europäescher Unioun.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, eis Schoulen awer hei am Land!

**M. Claude Wiseler,** Président | Hei, wannechgelift, den Här Minister huet d'Wuert!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Sidd Dir also der Meenung, datt mir sollten d'Première e Joer éischter maachen? Ass et dat, wat Dir wëllt? Mir hu keen Afloss drop, ...

**M. Fred Keup** (ADR) | Mir wëlle Gerechtegkeet, Här Meisch!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... wéini ee säi Bac an den Europaschoule mécht, well dee System vu 27

Europa-Memberstaaten definéiert gëtt. Dat Eenzegt – an ech sinn net do derfir! –, wat mer kéinte maachen, dat ass, eis Première e Joer éischter ze maachen, fir déi Gerechtegkeet, déi Dir Iech virstellt, kënnen ze erreechen.

Et hänkt natierlech och dervunner of, wat d'Sproochekompetenz ubelaangt. Dir wësst, datt dee grousse Virdeel par rapport zu eiser ënnerschiddlecher Situatioun vun de Sproochen doheem bei de Kanner ass, datt den Europaschoulsystem eng grouss Flexibilitéit huet, datt ee kann, op d'mannst an eise Schoulen, tëschent dräi Sproochesektioune wielen. Also déi Sprooch, an där een ënnerriicht gëtt, dat kann Däitsch sinn, dat ka Franséisch sinn, dat kann Englesch sinn. An datt een awer och déi verschidde Sproochen, déi ee léiert als Friemsproochen, an domadder och den Niveau vun deene Sproochen, ka selwer wielen.

Natierlech kann et sinn, datt een eng vun deenen ausléisst. Dat ka sinn. An natierlech kann et da sinn, datt een deen Niveau net erreecht huet, fir duerno Polizist oder Schoulmeeschter ze ginn. Mee et huet een awer en Diplom! An et kann ee mat deem Diplom studéiere goen. An et kann ee mat deem Diplom op den Aarbechtsmarché goen. An et kann ee mat deem Diplom säi Liewe maachen, seng Existenzgrondlag maachen.

An ech mengen, datt dat d'Missioun vun der ëffentlecher Schoul ass, déi primär Missioun vun der ëffentlecher Schoul: datt jiddereen duerno eng ganz Rei vun Dieren opstoen huet, a vläicht net nëmmen déi, ëm déi et Iech elo hei gaangen ass, Här Keup.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Dann hunn ech nach eng Wuertmeldung vun der Madamm Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Merci, Här President. Ech si ganz frou, Här Minister, dass Der meng Froen héiert, déi ech stellen. Mee ech wëll awer nach eng Kéier derbäi soen: Dat sinn net meng Froen! An dat hunn ech och gesot. Dat sinn d'Froen, déi ech selwer gestallt kréien. An ech stelle se hei stellvertriedend, well déi vill Leit Iech se jo net direkt kënne stellen. An ech mengen, dass Dir och vläicht aner Leit begéint wéi ech.

Dat gesot, wëll ech just awer eng Kéier drop hiweisen, dass mir als LSAP d'Europaschoulen ëmmer matgedroen hunn. Mir hunn déi ëmmer matgestëmmt. A mir fannen och, dass dat e richtege Schratt ass a Richtung Bildungsgerechtegkeet – mee awer ëmmer an der Perspektiv, dass mer déi zwee Systemer iergendwann eng Kéier beieneeféieren. An ech ka mech ganz gutt erënneren, datt déi fréier Schoulspriecherin vun der CSV, d'Martine Hansen, hei bei enger Debatt gesot huet, mir sollten dach einfach knäipe goe bei d'Europaschoulen, wat do gutt fonctionéiert, an dat an eisem System da generaliséieren an déi zwee Systemer beieneebréngen. Dat ass dat, wat mir wëllen.

Mir sinn net géint Europaschoulen als Provisorium. Mee mir wëllen awer trotzdeem gäre vun Iech héieren, ob Dir dat à terme wëllt maachen. Ech weess, dass Der jo un enger Reform schafft zum Secondaire am traditionelle System. Mee Dir hutt awer och scho gesot, dat wär awer fir déi nächst Regierung. Dir géift et uleieren, mee d'Ëmsetzung wär awer sécher net fir Iech. Mee ass dat dann d'Gesamtkonzept? Ass dat dat, wat Dir wëllt? Oder net?

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Minister.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Wann hei Froe gestallt ginn, wat ech à terme wéilt, kann ech Iech leider nëmmen esou bis den Hierscht 2028 äntwerten, well mäi Mandat riskéiert awer, do ofzelafen.

*(Brouhaha)*

An ech sinn amgaangen, e Regierungsprogramm hei ëmzesetzen. An ech mengen, et ass jidderengem kloer ginn, datt ech dee mat grousser Energie a mat grousser Iwwerzeegungskraaft kann ëmsetzen. Dozou gehéiert och, déi traditionell ëffentlech Lëtzebuerger Schoul – woubäi ech fannen, datt deen Terme „traditionell ëffentlech Lëtzebuerger Schoul" eppes Schreckleches ass, mee et ass mir och nach keen aneren agefall – ...

*(Hilarité)*

... ze transforméieren iwwer „ALPHA – zesumme wuessen", iwwer méi frankofon Offeren och am Secondaire, iwwer anglofon Offeren och an der Beruffsausbildung, an, an, an.

An et ass och Deel vun deem Regierungsprogramm, fir driwwer nozedenken, mat ganz ville Partner – an ech mengen, dat ass eppes, wat mir hei vu jiddderengem ëmmer erëm och nogeluecht gëtt –, mat de Schoulpartner zesummen ze kucken, wéi mer d'Lëtzebuerger Schoul weiderentwéckelen, fir ze iwwerleeën a sech auszetauschen, wéi dann eise Secondaire kéint op déi villfälteg Erausfuerderungen agoen. De Mëtten hu mer vill iwwer Sprooche geschwat, dat ass och just eng vun den Erausfuerderungen.

Mir schwätzen iwwert d'Kompetenze vum 21. Joerhonnert. Mir schwätzen doriwwer, wéi Schülerinnen a Schüler haut léieren. Mir schwätzen doriwwer, wat hir Opmierksamkeetsfäegkeet iwwerhaapt haut nach ass a wéi mer dann och d'Léiere misste gestalten. Mir schwätzen doriwwer, wéi mer dat, wat de Schüler kann, evaluéieren, an, an, an.

A wa mer dat bis den Hierscht 2028 emol diskutéiert hunn a mer och mierken, wat do e gemeinsame Konsens ass, dann, denken ech, sollt nom Hierscht 2028 en aneren, mat enger anerer Regierung, dës Responsabilitéit iwwerhuelen. Dann huet en eng gutt Basis, fir ze decidéieren, ob en dat dann ëmsetzt oder net ëmsetzt. Dorunner schaffe mer. An ech gesinn absolutt an, datt dat gradesou wichteg ass, wéi et wichteg ass, elo eng Decisioun ze huelen, fir eng weider ëffentlech Europaschoul op Schëffleng ze bréngen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. D'Madamm Bernard huet nach d'Wuert gefrot.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Et geschitt elo eppes e bëssen Aussergewéinleches: Ech maache mech zum Sproochrouer vun der CSV. Voilà.

*(Brouhaha)*

Ech hunn nämlech dem Spriecher Ricardo Marques gutt nogelauschtert, deen e laange Plädoyer derfir gemaach huet, wéi wichteg et ass, eng Bestandsopnam oder eng Evaluatioun ze maache vum System. Ech hunn do elo keng Äntwert vun Iech drop héieren. An ech fannen, dat ass awer eng pertinent Fuerderung, déi d'CSV als Äre Koalitiounspartner hei gemaach huet.

An ech wollt Iech froen, Här Minister, ob Dir déi Meenung, déi d'CSV-Fraktioun hei matgedeelt huet, esou ënnerstëtzt, an ob Dir wëlles hutt, do duerno eng Evaluatioun an eng Bestandsopnam vum bestoende System ze maachen oder net.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Här President, well den Här Marques als Koalitiounspartner mech méi dacks gesäit wéi Dir soss allegueren ...

*(Hilarité)*

... a well meng Riedezäit, iwwert déi ech gesot hunn, se kéim op en Enn, schonn op en Enn war – fir eng hallef Minutt genau –, ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Richteg!

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | ... hunn ech geduecht, ech géif vun der Geleeënheet profitéieren, meng Reschtriedezäit net ze strapazéiere mat der Äntwert fir den Här Marques, mee ech géif em dat eng aner Kéier soen. Well Dir mir awer elo d'Chance gitt, hei virum ganze Plenum dorobber och nach eng Kéier ze äntweren, ...

*(Hilarité)*

... an esoulaang den Här President mech schwätze léisst, kann ech ganz gäre soen: Mir hunn e Monitoringsystem vun eisem ganze Schoulsystem, vun all eisen ëffentleche Schoulen, an doranner fält natierlech och all ëffentlech Europaschoul. Mir hunn déi jo integréiert an de LUCET-System. A mir monitore jo net zanter gëschter eis ëffentlech Schoul. A mir gesi jo all Joer mat deene Rapporten, datt dat, wat mer eis traditionell ëffentlech Schoul nennen, de Lëtzebuerger Modell, defaillant ass bei enger ganzer Rei vu Schüler. An natierlech wëlle mer och erausfannen, ob grad déi Schülerinnen a Schüler, déi an eng ëffentlech Europaschoul ginn, do besser reusséieren. An déi bis elo zwar ëmmer a klenger Stéckzuel gemaachten Evaluatioune weisen dat jo a ginn déi Perspektiv do. Mee d'ëffentlech Europaschoule wäerte voll a ganz integréiert ginn an eise Monitoringsystem. An da gesi mer genau dat, wat mer wëlle wëssen: ob et zur Gesamtqualitéit vun eiser Offer bäidréit.

Merci, Här President.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8702 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8702[4].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8702 et dispense du second vote constitutionnel***

Ech maachen elo d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration, wannechgelift. An dann ass de Vott ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 55 Jo-Stëmmen, 5 Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dëse Projet de loi ass also mat 55 Jo-Stëmme géint 5 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par M. Charles Weiler), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. André Bauler), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Sam Tanson) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass och dat esou decidéiert.

***Motion 1***

An dann hu mer wärend dëser Debatt eng Motioun op de Büro kritt. D'Madamm Closener huet eng Motioun deposéiert. Madamm Closener, wëllt Dir direkt dozou schwätzen? Dir wëllt dono dozou schwätzen. Wie wëllt zu der Motioun vun der Madamm Closener Stellung huelen? Madamm Minella, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Mandy Minella** (DP), rapportrice | Merci, Här President. Merci och der Madamm Closener fir dës Motioun. Et ass jo elo esou, dass d'europäesch Schoule schonn engem europäesche Qualitéits- an Evaluatiounssystem ënnerleien. Dofir brauche mir keng weider eegen national Léierziler fir d'Europaschoul festzeleeën a kënnen dat och net. Ech mengen, déi aner 27 Memberstaaten hu jo do och nach e Wuert matzeschwätzen.

A wann ech Ären zweeten Tiret kucken, do schwätzt Der vun „harmonisation [...], tout en respectant les spécificités propres à chaque filière et à chaque type d'école". Dat ass fir mech e Widdersproch.

A soumat géif ech menger Fraktioun proposéieren, dës Motioun net matzestëmmen. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Minella. Sinn nach Wuertmeldungen zu dëser Motioun do? Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, merci, Här President. Ech hu se elo eréischt kritt. Mee wann ech mech elo net ieren, geet et jo drëms, hei Épreuves standardisées ze maachen, wou ee wierklech kann den Niveau vun de Schüler aus dem traditionelle System mat deene vum europäesche System vergläichen.

Also, wann et esou ass – ech mengen, dat liesen ech hei –, dann ass dat jo awer eppes, wat wichteg ass, wat mir och scho gefrot haten. Mir haten nämlech scho viru Joren an enger Motioun gefrot, dass an deenen europäesche Schoulen en Test soll gemaach ginn, ob se den Niveau erreechen am Lëtzebuergeschen. Dat ass hei refuséiert ginn. Mir hate gefrot, déi Épreuves standardisées genau d'selwecht ze maachen an der normaler, traditioneller Schoul wéi an den europäesche Schoulen. Och dat ass refuséiert ginn, well ee warscheinlech kee Vergläich wëll.

Bon, wann et e Vergläich soll ginn, eng besser Kommunikatioun, da si mir derfir.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Sinn nach aner Wuertmeldungen do? Den Här Marques, duerno d'Madamm Bernard. Här Marques.

**M. Ricardo Marques** (CSV) | Jo, merci, Här President. Ech ka mech nëmmen un dat ralliéieren, wat d'Madamm Minella scho gesot huet. Ech hunn a menger Ried, a menger Interventioun, scho gesot, mir sollten déi Bestandsopnam no deenen dräi neien ëffentlechen europäesche Schoule maachen, fir dass mer eis déi néideg Zäit ginn, fir déi Froen, déi d'LSAP hei opwerft, an e Gesamtkonzept mat eranzehuelen. Et ass elo nach ze verfréit. Kommt, mer ginn eis déi Méiglechkeet, déi Gesamtanalys ze maachen, wann déi dräi international, europäesch Schoulen do sinn! Ech mengen, dat ass de richtege Moment, fir eis genau déi richteg Froen ze stellen an ze kucken: Wou si mer drun? Wat hunn déi dräi nei ëffentlech Schoulen och bäigesat an engem System, wat et och brauch?

Ech soen Iech dofir Merci an ech géif mech der DP ralliéieren, fir déi Motioun net matzedroen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Marques. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ech sinn nach e bëssen ... Ech probéieren elo nach, de Message vum Här Marques hei e bëssen opzedröselen.

*(Interruption par M. Ricardo Marques)*

Ech hat elo d'Gefill, datt dat e bësse Gerudders war par rapport zu senger viregter Ried.

Grad deen zweeten Tiret ass eis immens sympathesch, well – ech hat et jo och a menger Ried kuerz gesot – och d'Fro vum Curriculum hei ganz erapasst: Hu mer déi selwecht Léierziler, wou mer transversal an alle Schoulen drop hischaffen? Dat fannen ech an dësem Tiret erëm, dat ënnerstëtze mer.

An ech mengen, och soss ass eng transparent Kommunikatioun enorm wichteg. Et gëtt och deelweis ganz vill Mëssinterpretatioune vun deene verschiddene Resultater an de Systemen. An ech mengen, et géing dozou bäidroen, wann d'Systemen esou evaluéiert géinge ginn, datt se och kënne matenee vergläichbar sinn, datt se och transparent kommunizéiert ginn.

An an deem Sënn gesinn ech näischt, wat hei géint déi heite Motioun schwätzt, an dowéinst géing ech deene Grénge proposéieren, se ze ënnerstëtzen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Ech gesi soss weider keng Wuertmeldung. Da kritt d'Auteure, d'Madamm Closener, d'Wuert. Madamm Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Jo, villmools merci. Also nach eng Kéier: Mir si jo fir e Gesamtkonzept an net fir zwee ënnerschiddlech Piliere vun der ëffentlecher Schoul. An déi Recommandatioun do, fir déi Bildungsstandarden anzeféieren, déi kënnt net vun eis, déi ass net op eiser Mëscht gewuess, mee aus engem Rapport iwwert d'evidenzorientéiert Qualitéitsentwécklung vum Observatoire vun der Schoulqualitéit. Dee wëll – oder recommandéiert – genau dat. An dat si Bildungsstandarden, déi net dat selwecht si wéi detailléiert Léierpläng, déi sech also net esou op den Inhalt bezéien, mee éischter Ufuerderunge festleeën, déi Schüler um Enn vun engem Cycle mussen erfëllen.

An et gi jo schonn ÉpStan-Tester gemaach, och an den Europaschoulen – dat fanne mir och ganz gutt –, net nëmmen an der Mathé, mee och an de Sprooche mëttlerweil, dat fanne mir ganz gutt. Mee dat eent an dat anert si jo kee Widdersprëch. An och wann et eng europäesch Evaluatioun gëtt, ass dat jo kee Widdersproch. Am Géigendeel, ech mengen, dass dat Transparenz géif bréngen an dass dat och vill Froe beäntwerte géif, déi d'Eltere sech stellen – „Wat ass deen Diplom do wäert an där Europaschoul? Bréngt dat eppes? Wéi eng Diere mécht en op a wéi eng mécht en zou?" –, dass dat, wann een dat géif seriö communiquéieren, zugonschte vu jidderengem wär a virun allem vun de Schüler.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Closener. Domat wär d'Diskussioun zu dëser Motioun dann ofgeschloss.

An ech géing d'Motioun Nummer 1 vun der Madamm Closener zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 25 Jo-Stëmmen, 35 Nee-Stëmmen, keng Abstentioun. Dës Motioun ass also mat 35 Nee-Stëmme géint 25 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Ben Polidori et Ben Streff ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring (par Mme Djuna Bernard) ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach (par Mme Diane Adehm), Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler (par M. Maurice Bauer), MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. André Bauler), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt (par M. Gérard Schockmel), Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel.*

## 7. 8709 – Projet de loi portant modification de la loi du 1er août 2018 portant création d'une représentation nationale des parents

An da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour vun de Mëtten, an zwar dem Projet de loi 8709, enger Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Grënnung vun enger nationaler Elterevertriedung. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard an den Här David Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech däerf Iech haut de Rapport zum Gesetzesprojet virstellen, deen d'Gesetz vum 1. August 2018 iwwert d'Schafung vun enger nationaler Elterevertriedung ofännert. De Projet huet d'Zil, dës Struktur op Basis vun den Erfarunge vun de leschte Joren ze stäerken, hir Missiounen auszebauen an hire Fonctionnement méi kloer a méi effizient ze gestalten.

Zënter der Aféierung vum Gesetz 2018 huet sech d'national Elterevertriedung als feste Bestanddeel vun eiser Schoullandschaft etabléiert. Vill Elteren engagéiere sech haut um lokalen, sektoriellen oder nationalen Niveau. D'Praxis huet awer gewisen, datt verschidde gesetzlech Bestëmmungen net prezis genuch waren an datt den institutionelle Kader un d'Entwécklung vum Educatiounsberäich muss ugepasst ginn.